

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Juni 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Zënter der Annexioun vun der Krim 2014 hunn déi politesch Verantwortlech an der Ukrain ëmmer nees hire Wëllen ënnerstrach, dës Regioun nees an d'Ukrain ze integréieren. Fir d'lescht huet den ukrainesche President dat a senger Videobotschaft vum 13. Juni 2022 gemaach, verbonne mat der Fuerderung no méi Waffeliwwerunge vum Westen. Allerdéngs huet hie selwer de 24. Mee zu Davos gesot, datt dat nëmme duerch schwéier militäresch Verloschter kéint erreecht ginn.


Am Laf vun der Zäit héiert een och ëmmer nees anescht formuléiert Krichsziler vun ukrainescher Säit.

Lëtzebuerg gehéiert zu deene Länner, déi d'Ukrain politesch an diplomatesch ënnerstëtzen an hir och Waffe liwweren.

Duerfir wëll ech dës Fro un den Här Bausseminister stellen:

1. Wéi eng ukrainesch Krichsziler gi genee vu Lëtzebuerg ënnerstëtzt? Ass et z.B. „d'Zréckdränge vun de russeschen Truppen op Positiounen vum 24. Februar“ oder „d'Verdreiwung vun alle russeschen Truppen vun all Stéck vum ukraineschen Territoire“ oder nach en aner Krichszil?
2. Ënnerstëtzt déi Lëtzebuerger Regierung eng militäresch Zeréckeruewerung vun der Krim duerch d'Ukrain? Wa jo, wéi eng Risike gesäit si bei esou enger Politik?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten